ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Koalitiounsvertrag vun der Regierung heescht et: „L'économie circulaire innovante sera promue, pour que les produits et les ressources soient utilisés aussi longtemps que possible. À l'avenir, les déchets doivent être considérés comme une ressource. La réparation, la réutilisation et le recyclage de produits doivent devenir la règle. Par conséquent, les conditions-cadres pour le fonctionnement de l'économie circulaire seront améliorées. Un taux de TVA super-réduit pour la réparation d'objets d'usage courant sera notamment prévu. Il convient également de promouvoir le modèle économique du "Prosumer", c'est-à-dire du consommateur qui est en même temps producteur."

Zu den Ziler fir eng Kreeslafwirtschaft hei zu Lëtzebuerg gehéiert, am Sënn vum Koalitiounsvertrag, also d'Recht vum Verbraucher op eng gënschteg Reparatur vu senge Verbrauchsgüter. Dozou gehéiert och den Zougank zu Ersatzdeeler (original oder 3D-gedréckt). Leider sinn déi Ersatzdeeler awer oft ganz deier. D'Verbraucher ginn doduerch ofgehalen, hir Apparater reparéieren ze loosse bzw. selwer ze reparéieren, a kafe schlussendlech een neien Apparat.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéini gedenkt d'Regierung, deen am Koalitiounsvertrag versprachenen, superreduzéierten TVA-Saz fir d'Reparatur vu Verbrauchsgüter anzeféieren?
2. Firwat ass dee reduzéierten TVA-Saz bis elo net ëmgesat ginn? Aus wat fir enge Grënn verweigert den Här Minister dës Upassung?
3. Ginn et Direktive vun der Europäescher Kommissioun a Bezuch op dëse Problem?
4. Wéi steet d'Regierung zur Fuerderung vum Lëtzebuerger Verbraucherschutz, fir dësen TVA-Saz ouni Delai op 3 % ze reduzéieren?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten